# Camp : Recycling

**Dës Fiche beschäftegt sech mam Thema, Recycling an Offall um Camp. Wat muss ee berücksichtegen a wou fënnt een déi néifeg Informatiounen?**

## Reduce, Reuse, Recycle

Zum Thema Recycling liest een dacks déi dräi Wieder "Reduce - Reuse - Recycle", "Reduzéiert, rëmbenotz a recycle". Dës Hierarchie ass gronsätzlech ëmmer unzewenden. Fir d'Éischt soll sech bei all Neiuschafung a sou Verpackungsoffall d'Fro gestallt ginn, op dës wieklech néideg ass. Vill Aktivitéite kann een och mat Alternativmaterial maachen, wat ee souwiesou scho besëtzt oder am Scouts- a Bekanntekrees ausléine kann. Heinsdo bedeit dat awer och eng bestëmmten Aktivitéit ewegzeloossen, well vill Offall dabäi entsteet, deen egal wéi net reduzéiert ka ginn. Schlussendlech ass d'Endetapp vun all Uschafung d'richtegt Recycelen an d'Offallgeréirung.

## Recyclingcenter

Egal op e nationalen, grousse Camp oder de klenge Camp an der Trupp: richtege Recycling ass ëmmer gefuedert an och méiglech. Am einfachsten ass Recycele mat engem eegene (klenge) "Recyclingcenter" méiglech.

D'Mindestufuerderung un esoueen sinn déi verschidden Dréckskëschten, déi d'Gemeng an där een ass, huet. Fir Lëtzebuerger Gemengen ass dat ëmmer Pabéier, Valorlux a schwaarz Dréckskëscht. Bei ville Gemenge kënnt de Biooffall a Glas dabäi. Infoen heizou kritt ee souwuel beim Responsable vun dem Besëtzer vum Chalet oder der Wiss, oder bei der Gemeng (Uruff oder Internetsite). Wichteg ass, datt an d'Varlorlux-Tuut a verschiddenen Deeler vum Land ënnerschiddlech Materialien dierfen: https://www.valorlux.lu/de/der-blaue-sack. Maacht och d'Kanner a Jonker heirop opmierksam, falls d'Regelen aanescht wéi an ärer Heemechtsgemeng sinn.

Well ee méi genau op d'Thema Recycling agoen, kann de Recyclingcenter och méi pedagogesch opgebaut ginn. Et kann z.B. méi am Detail ënnerschittlech Zorte Plastik sortéiert, heiriwwer geschwat ginn an dono alles op de Recyclingcenter vun der Gemeng (oder der Heemechtsgemeng) gefouert ginn.

## Upcycling

De Wëllen ass grouss aus Offall Saachen ze bastelen an ze bauen. Grondsätzlech schwätzt näicht heigéingt, et gëlt awer e wichtege Punkt ze beuechten: hëlt een eng metalen, recycléierbar Bécks a verkleed déi mat Karton, Fiederen asw., ass d'Gesamtkonschtwierk dono netméi recycléierar a wandert warscheinlech spéidsdens no engem Joer an d'schwaarz Dréckskëscht. Upcycling mécht ëmmer da Sënn, wann eng nei Uschafung duerch den Uypcyclingprojet evitéiert gëtt; z.B. aus ale Kärzen eng nei maachen; an am Fall wou dono nach ëmmer ka recycleiert ginn.

## Liewensmëttelverpackungen

E grousse Koup u Verpackungsoffall fällt beim Ravi un. Dëse gëlt et soumat och fir d'Éischt ze reduzéiren an ze recycléieren. Méi zu dësem Thema ass am Kapitel "Nohaltegkeet um Camp > Ravi) ze fannen.


> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu


*Camp : Recycling, Editioun vum 12. September 2021*